COOPERATIONS ASBL
ÉTABLISSEMENT D'UTILITÉ PUBLIQUE

sicht een/eng Mataarbechter/In fir de Beräich

Kulturprogramm vum Prabbeli a Ciné Prabbeli (w/m/d)

40 Stonnen / Woch

CDD 1 Joer vun Dezember 2020 – Dezember 2021

Missiounen:

Kulturell Programmatioun vum Prabbeli a Ciné Prabbeli elaboréieren an ausbauen:

- Eng kulturell Programmatioun mat Aktivitéiten an Eventer fir déi weider Méint proposéieren.
- No neie Projeten a Collaboratioune sichen, déi an déi verschidde Beräicher vum Programm passen: Musek, Kino, Theater, Danz, jonkt Publikum, Ausstellungen, Konferenzen, Eventer.
- Zesummenaarbechten a Partenariater mat anere kulturellen Acteuren an Institutiounen entwéckelen .

D'Ëmsetzung vun der Programmatioun virbereeden:

- Déi administrativ, technesch a finanziell Machbarkeet vu Projeten a Bezuch op Budgeten an Zäitplang evaluéieren.
- Den artisteschen an techneschen Dialog féieren, finanziell Verhandlunge bis zum Ofschloss vun Accorde mat de verschiddenen Acteure vun de Projete féieren.

D'Ëmsetzung vun der Programmatioun duerchféieren an evaluéieren:

- D'Produktiounséquipe encadréieren an ënnerstëtzen.
- De gudde Verlaf vun den Evenementer op der Plaz assuréieren (och owes an de Weekend).
- D'Programmatioun evaluéieren an optimiséieren.

Profil a Kompetenzen:

- Dir hutt Experienz an der Kultur- an Eventprogrammatioun a beim Opstelle vu Partnerschaften.
- Dir hutt Fäegkeeten an der Gestioun vu Prioritéiten an am Féiere vun Aktivitéiten.
- Dir hutt Verdéifte Wëssen iwwer déi lëtzebuergesch an international Kulturlandschaft.
- Dir hutt Kreativitéit an der Recherche no Projeten, kombinéiert mat enger strategescher Visioun fir de Kulturberäich.
- Dir hutt Exzellent Qualitéiten am relationelle Beräich.
- Dir sidd flexibel wat d'Aarbechtszäiten ugeet.
- Dir sidd eng sozial Persoun, déi gär an engem Team schafft a laacht. Dir schafft ganz onofhängeg, strukturéiert, gewëssenhaft a resultatorientéiert.

Schéckt w.e.g. Äre Curriculum Vitae an Äre Motivatiounsbréif virum 31. Oktober 2020 per E-Mail (comite@cooperations.lu) un d'Claudine Schank, Presidentin vum Verwaltungsrot vu COOPERATIONS Asbl.